N°922
Entrée le 24.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 922 vum 24. Juni 2024 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Ben Polidori**

De Generaldirekter vu POST Lëtzebuerg huet an deem vun den Deputéierte genannten Interview op generell Tendenzen higewisen, déi et um postalesche Marché ginn. D'Opstellung hei drënner, déi POST Luxembourg op Nofro hi geliwwert huet, gëtt den Undeel vu staatlechen Institutiounen am Ëmsaz vum Bréifverkéier fir 2019 bis 2023 vu POST Courrier erëm.

| **Ëmsaz vum Bréifverkéier* (an Euro), no Kategorie vu ëffentleche Clienten** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
|---|---|---|---|---|---|
| *Ministèren* | 1.388.735 | 881.005 | 1.275.975 | 980.214 | 1.890.429 |
| *Gemengen* | 2.221.146 | 2.150.685 | 2.179.858 | 2.300.548 | 3.338.107 |
| *Administratiounen a staatlech Servicer* | 19.660.020 | 21.565.640 | 24.031.221 | 20.978.129 | 25.336.702 |
| **Total** | **23.269.901** | **24.597.330** | **27.487.054** | **24.258.891** | **30.565.238** |
| **Gesamtëmsaz vum Bréifverkéier** | **125.312.000** | **118.564.000** | **119.824.000** | **112.944.000** | **121.941.000** |

| **Undeel am Ëmsaz vum Bréifverkéier*, no Kategorie vun ëffentleche Clienten** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** |
|---|---|---|---|---|---|
| *Ministèren* | 1,11% | 0,74% | 1,06% | 0,87% | 1,55% |
| *Gemengen* | 1,77% | 1,81% | 1,82% | 2,04% | 2,74% |
| *Administratiounen a staatlech Servicer* | 15,69% | 18,19% | 20,06% | 18,57% | 20,78% |
| **Total** | **18,57%** | **20,75%** | **22,94%** | **21,48%** | **25,07%** |

*Ëmsaz vum adresséierte Courrier (Port Payé, MAF, Confort)

All Ministèren, Verwaltungen a Gemengen hunn en eegene Budget fir d'Verschécke vu Courrier. (Et gëtt üblecherweis weder nogezielt wéi vill Bréiwer erausginn, nach wéi vill der erakommen, sief et an de Ministèren, Verwaltungen oder Gemengen.)

De Courrier gëtt an de Ministèren a Verwaltungen intern vu Mataarbechter an Ëmfang geholl, traitéiert an un déi zoustänneg Servicer verdeelt. Et ass net méiglech e Käschtepunkt fir den Traitement vum Courrier unzeginn, dëst ass just een Deel vun der Aarbecht vun de Mataarbechter aus den zoustännege Servicer.

De Service fir Courrier tëschent de Ministèren a Verwaltungen ze zirkuléiere, gëtt generell staatsintern organiséiert, also gëtt de gréisste Deel vum Courrier tëschent Ministèren a Verwaltunge vu Mataarbechter hin an hier bruecht. Et gëtt net nogezielt, wéi vill eenzel Bréiwer tëschent de Ministèren, Verwaltungen, Gemengen an aneren ëffentleche Servicer échangéiert ginn.

Sou wéi de Koalitiounsaccord et festhält, ass d'Digitalisatioun en zentralen Aspekt vum moderne Staat. D'Regierung wëllt d'Digitaliséierung vun de Servicer an d'Vereinfachung vun administrativen Demarche weider förderen, a gläichzäiteg d'Méiglechkeet fir en net-digitalen

Austausch bäibehalen. D'Efforten a Richtung vun der Digitalisatioun wäerte sécherlech en Impakt op d'Unzuel vu verschécktem an empfaangenem Courrier hunn. Als Beispill vun esou Mesüre kann een op d'Digitaliséierung vun den Demanden a vum Traitement fir vill staatlech Bäihëllefen u Bierger a Betriber verweisen, an op déi elektronesch Facturatioun.

Luxembourg, le 24/07/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles